N°2344
Entrée le 20.05.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 21.05.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19/05/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Wunnengsbau weiderzeleeden.**

Eis gouf zougedroe, dass an de leschten Deeg op dem belsche Radiosender "Classique 21" Reklamme vun der Société Nationale des Habitations à Bon Marché (SNHBM) ze héiere waren, fir hire Wunnengsprojet Elmen zu Lëtzebuerg ze promouvéieren.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wat sinn d'Grënn, firwat d'SNHBM op engem belsche Radiosender Reklamme schalt? Ginn och op aneren auslännesche Chaînë Reklamm fir dëse Wunnprojet gemaach?
2. Wéi héich sinn d'Käschte fir dës Reklamm-Campagne?
3. Wéi eng Zilgrupp soll mat dëser spezieller Reklamm-Strategie erreecht ginn?
4. Ass dëst Deel vun enger méi breeder Strategie, fir och Leit aus dem Ausland fir Wunnenge vun der SNHBM zu Lëtzebuerg unzezéien?
5. Wéi steet dëst am Aklang mat der primärer Missioun vun der SNHBM, bezuelbare Wunnraum fir d'Lëtzebuerger Residenten ze schafen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten